LSAP

n° 3176

REÇU
Par Alff Christian , 16:58, 19/11/2020

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 19. November 2020

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Héichschoulminister weiderzeleeden.

Wéinst dem Covid-19 konnt déi 34. Studentefoire net wéi gewinnt organiséiert ginn. Fir den zukünftege Studenten awer eng Orientéierungshëllef ze ginn, gouf den Internet-Site *studentefoire-goes-digial.lu*, wou virun allem Universitéiten a Studentencercelen sech presentéiert hunn ageriicht. “Richteg vill Klicks goufen et an deenen zwee Deeg op *studentefoire-goes-digital.lu,* op dat elo op eenzel Stänn war oder a Webinaren eran oder am Chatroom” steet dann och um Internetsite vum CEDIES ze liesen.

An deem Zesummenhang wollt ech dem Här Héichschoulminister dës Froe stellen:

- Wéi fält de Bilan vun der Studentefoire aus? Wéi vill Klicks sinn et wärend deenen zwee Deeg op dëse Site ginn? Anescht ewéi de CEDIES weisen sech Studentevertrieder a Studentencercelen éischter enttäuscht wat den Zoulaf, zum Beispill an de Chatrooms ugeet. Huet de Minister Kenntnis vun Zuele wéi vill esou direkt Echangen et gi sinn?
- Wéi huet d’Zuel u Participanten un der online-Studentefoire par Rapport zu Versiounen a regulären Zäite variéiert? Wéi huet d’Zuel u Visiteuren op der Studentefoire iwwert déi lescht Joren evoluéiert?
- Wier et net méiglech esou e Site an enger liicht adaptéierter Form, laangfristeg online ze loossen, fir datt Schüler a Studente permanent an op ee Bléck déi verschidde Studieméiglechkeeten a Studentencercele kéinte gesinn?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 19 novembre 2020

Objet : Question parlementaire n° 3176 du 19.11.2020 de Madame la Députée Francine Closener - Bilan de la foire des étudiants

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés